**Procès-verbal des votes**

du Conseil communal de Sanem

de la séance publique

du vendredi, 16 octobre 2026

| | |
|---|---|
| date de l'annonce publique: | 9 octobre 2026 |
| date de la convocation des conseillers: | 9 octobre 2026 |
| début: | 08h15 |
| fin: | 10h15 |

Présents:
Mme Asselborn-Bintz Simone, présidente,
M. Gaston Anen, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam, M. Dahm Yves, M. Da Silva Bruno, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Lehnen Max, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie Mme Reuter Sandrine, Mme Romeo Franca, Mme Schammo Mara
Mme Manon Greven, secrétaire communale

Absent•s excusé•s : M. Krippler Max

Premier votant : M. Lehnen Max

M. Krippler Max délègue son droit de vote à M. Haas Marc pour les points à 1 à 16.

*Suivant l'article 6 du règlement d'ordre intérieur, M. Faber a introduit une motion avant le point 7.*

## Ordre du jour :

1. Correspondance et informations
2. Approbation d'un rapport (18 septembre 2026)

Vote unanime

### Transactions immobilières

3. *Compromis et contrats :*
   a. Approbation du contrat de bail pour une partie de la parcelle 1103/5419, lieu-dit « Rue Emmanuel Servais » à Sanem

Vote unanime

   b. Avenant au contrat de bail commercial signé le 14 décembre 2021 Restaurant – Concept T21 Sàrl

Vote unanime

   c. Approbation du contrat de fermage pour des parcelles communales

Vote unanime

   d. Approbation du contrat de fermage pour des parcelles communales

Vote unanime

   e. Approbation du contrat de fermage pour une parcelle communale

Vote unanime

   f. Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit concernant une parcelle à Soleuvre

Vote unanime

g. Approbation d'un compromis de vente pour la parcelle 313/7775 qui annule et remplace le compromis signé en date du 12 août 2026

Vote unanime

4. Approbation d'un acte de cession concernant une parcelle de terrain sise à Belvaux

Vote unanime

**Finances communales**

5. Approbation du compte administratif de l'exercice 2024

| Vote(s) positif(s): 13 | Vote(s) négatif(s): 4 |
|---|---|
| Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone Bronzetti Denis, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Lehnen Max, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Reuter Sandrine, Romeo Franca | Cecchetti Myriam, Da Silva Bruno, Faber Serge, Schammo Mara |

6. Approbation du compte de gestion 2024

Vote unanime

7.
a) Motion déi gréng

# MOTIOUN

## Fir d'Aféierung vun enger Leerstandssteier an d'Mobiliséierung vun eidel stoende Wunnengen an der Gemeng Suessem

### Begrënnung

De Mangel u bezuelbarem Wunnraum ass eng vun de groussen Erausfuerderungen zu Lëtzebuerg. Vill Leit a Famillje sichen eng Wunneng, déi hire finanzielle Méiglechkeeten entsprécht, wärend gläichzäiteg Wunnengen iwwer eng laang Zäit eidel stoe bleiwen.

Och an der Gemeng Suessem musse mir eis d'Fro stellen, wéi mir de bestehende Wunnraum besser notze kënnen, fir de Besoinse vun eise Biergerinnen a Bierger gerecht ze ginn.

Laangfristeg eidel stoend Wunnengen stellen eng ongenotzt Ressource duer. An enger Situatioun, an där bezuelbare Wunnraum dréngend gebraucht gëtt, soll d'Gemeng all hir gesetzlech Méiglechkeeten notze, fir dëse Leerstand ze reduzéieren an d'Proprietären dozou ze encouragéieren, hir Wunnengen ze verlounen oder nees bewunnbar ze maachen.

Eng Leerstandssteier kann een Ureiz schafen, fir eidel Wunnengen nees um Wunnengsmaart zur Verfügung ze stellen. Dobäi soll awer och berücksichtegt ginn, datt et berechtegt Grënn fir e Leerstand kënne ginn, zum Beispill gréisser Renovatiounsaarbechten, Ierfschaftsfäll oder aner legitim Ëmstänn.

Verschidde Gemengen zu Lëtzebuerg hu schonn eng Leerstandssteier agefouert. Och d'Stad Esch beschäftegt sech mat dësem Thema. Eng nei Leerstandssteier fir eidel stoend Wunnengen wäert do an de nächste Woche vum Gemengerot gestëmmt ginn.

D'Bekämpfung vum Wunnengsleerstand spillt op kommunalem Niveau eng wichteg Roll spillt. D'Gemeng Suessem soll dës Entwécklunge berücksichtegen an d'Méiglechkeet vun enger eegener Leerstandssteier juristesch a praktesch préiwen.

Nieft enger méiglecher Leerstandssteier soll d'Gemeng Suessem d'Proprietären aktiv dozou encouragéieren, hir eidel Wunnengen iwwer d'**Agence immobilière sociale Kordall (AIS Kordall)** zur Verfügung ze stellen.

D'Gemeng Suessem ass iwwer de SIKOR Member vun der AIS Kordall a kann op dës bestoend Struktur zeréckgräifen, fir méi Wunnraum fir Leit a Familljen a schwierege soziale Situatiounen ze mobiliséieren.

D'Gestion locative sociale bitt de Proprietären eng interessant Alternativ zum traditionelle Locatiounsmodell. Si profitéiere vun enger professioneller Gestioun, manner administrativem Opwand a méi finanzieller Sécherheet. Je no Vertragsbedingungen an dem konkrete Modell kënnen och Loyersgarantien an d'Ënnerhaltsaarbechte geregelt sinn. Zousätzlech si steierlech Virdeeler ënner de gesetzleche Konditioune méiglech.

D'Gemeng Suessem soll dës bestoend Zesummenaarbecht méi aktiv a besser notzen an d'Proprietären nach méi gezielt iwwer d'Méiglechkeete vun der AIS Kordall informéieren. Esou kënne Wunnengen, déi aktuell eidel stinn, nees genotzt ginn an dobäi Leit a Familljen zouguttkommen, déi op bezuelbare Wunnraum ugewise sinn.

**Aus dëse Grënn fuerdere mir de Gemengerot op, de Schäfferot ze beoptragen:**

1. **D'Aféierung vun enger Leerstandssteier ze préiwen**, déi sech op Wunnengen bezitt, déi iwwer eng definéiert länger Zäit ouni berechtegte Grond eidel stinn.
2. **Eng juristesch Analyse duerchzeféieren**, fir déi aktuell gesetzlech Méiglechkeeten an d'Viraussetzunge fir d'Aféierung vun esou enger Steier an der Gemeng Suessem ze klären.
3. **D'Erfarunge vun anere Gemengen ze berücksichtegen**, besonnesch déi vun de Gemengen, déi schonn eng Leerstandssteier agefouert hunn, an déi aktuell Entwécklungen zu Esch ze verfollegen.
4. **D'Ausmooss vum Wunnengsleerstand an der Gemeng Suessem ze erfaassen**, am Respekt vun de gesetzlechen Dateschutzbestëmmungen, fir eng sachlech Grondlag fir weider Mesuren ze schafen.
5. **E konkrete Modell fir eng Leerstandssteier auszeschaffen**, mat klore Critèren, enger proportionaler Besteierung an Ausname fir berechtegt Situatiounen, wéi gréisser Renovatiounen, Ierfschaften oder eng geplangt Eegenotzung.
6. **D'Zesummenaarbecht mat der AIS Kordall iwwer de SIKOR nach méi aktiv ze förderen** an d'Proprietären an der Gemeng Suessem besser a geziilt iwwer

d'Méiglechkeete vun der Gestion locative sociale, déi domat verbonne Sécherheet an déi méiglech steierlech Virdeeler ze informéieren.

7. **Dem Gemengerot bannent 8 Méint, also virun der nächster Summerpaus, e Rapport virzeleeën**, deen d'Resultater vun de juristeschen a prakteschen Analysen, d'Méiglechkeete vun der Zesummenaarbecht mat der AIS Kordall an e konkrete Plang fir déi nächst Schrëtt enthält.

## Conclusioun

D'Gemeng Suessem soll sech aktiv dofir asetzen, datt bestehende Wunnraum net iwwer Joren eidel bleift, wärend vill Leit a Famillje Schwieregkeeten hunn, eng bezuelbar Wunneng ze fannen.

Eng Leerstandssteier, gekoppelt mat enger aktiver Fërderung vun der Gestion locative sociale iwwer d'AIS Kordall, kann dozou bäidroen, Proprietären ze encouragéieren, hir Wunnengen nees zur Verfügung ze stellen.

D'Zil ass net, Proprietären ouni Ënnerscheed ze bestrofen, mee eng fair a praktesch Léisung ze fannen, déi de Leerstand reduzéiert, de Proprietären déi néideg Sécherheet bitt an zousätzleche bezuelbare Wunnraum schaaft.

**Mir invitéieren de Gemengerot vun der Gemeng Suessem dofir, dës Motioun unzehuelen an de Schäfferot mat der Ëmsetzung vun den uewe genannten Etappen ze beoptragen.**

**Serge Faber**
Gemengerot
fir déi gréng Suessem

Bieles, de 16. Oktober 2026

| Vote(s) positif(s): 4 | Vote(s) négatif(s): 12 | Abstention(s) :1 |
|---|---|---|
| Cecchetti Myriam, Da Silva Bruno, Faber Serge, Lehnen Max | Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone Bronzetti Denis, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Reuter Sandrine, Romeo Franca | Schammo Mara |

b) Fixation de l'impôt foncier pour l'année 2027

| Vote(s) positif(s): 16 | Abstention(s) : 1 |
|---|---|
| Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone Bronzetti Denis, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Faber Serge, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Lehnen Max, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Reuter Sandrine, Romeo Franca, Schammo Mara | Cecchetti Myriam |

8. Fixation de l'impôt commercial communal pour l'année 2027

| Vote unanime |
|---|

9. Approbation d'une modification budgétaire du budget ordinaire 2026

Vote unanime

**Circulation**

10. Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevin•e•s

Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de renouvellement de la couche de roulement dans la rue Waassertrap, rue Charly Gaul et rue Robert Krieps à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 9 octobre 2026 (U026-050) ;
Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion de la suite des travaux de renouvellement de différents réseaux dans le Chemin Rouge à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 2 octobre 2026 (U026-062) ;
Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement de la conduite d'eau DN450 à la nouvelle station SES sis à côté de la maison 61, Rue de Sanem à Soleuvre, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 18 septembre 2026 (U026-065) ;
Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de renouvellement de la couche de roulement dans la rue Waassertrap, rue Charly Gaul et rue Robert Krieps à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 9 octobre 2026 (U026-067) ;
Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement aux différents réseaux de la résidence n°11 et de la maison n°13 rue d'Esch à Sanem, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 24 septembre 2026 (U026-068) ;
Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de nettoyage avec nacelle au N°50 rue Prince Jean à Soleuvre, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 9 octobre 2026 (U026-069) ;
Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de construction d'un regard de tirage à la hauteur de l'école fondamentale, dans la rue de Niederkorn à Sanem, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 9 octobre 2026 (U026-070) ;
Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion d'une livraison avec une grue mobile au N°7 Boulevard du Jazz à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 9 octobre 2026 (U026-071) ;
Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux préparatoires à la mise en oeuvre de la couche de roulement définitive dans les rues Charly Gaul, Waassertrap, Robert Krieps et Pir Kremer à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 12 octobre 2026 (U026-073)

Vote unanime

**Enseignement fondamental**

11. Approbation du plan d'encadrement périscolaire 2026-2027

Vote unanime

**Divers**

12. Approbation de l'accord de projet « Kannergemengerot » entre la Commune de Sanem et la Fondation Zentrum fir politesch Bildung

Vote unanime

13. Approbation de la convention de partenariat entre la Fondation Musée national de la Résistance et la Commune de Sanem

Vote unanime

14. Avis du conseil communal au sujet de la nomination d'un préposé au triage de Sanem

**Avis favorable**

15. Modification de la composition des commissions consultatives

**Néant**

16. Questions et divers

déi Lénk
SUESSEM

Suessem, den 13. Oktober 2026

Eng Fro un de Schäfferot fir d'Gemengerotssitzung vum 16. Oktober.

E Méindeg wuar eng interessant Table ronde ëm d'Immigratioun an Integratioun bei eis an der Gemeng..
D'Intervenant.e.n wuaren sech eens: d'Integratioun mëscht sech iwwert de Wee vun der Sprooch, deen de Kontakt mat de Leit fërdert. Wichteg ass dass kommunizéiert gëtt, dofir och de Sënn vun de Café des langues, wou op eng convivial an informell Manéier e flotten, direkten a liewensbezunenen Austausch stattfënd. Déi sinn och hei an der Gemeng gaz beléift a gutt besicht.
Integréiert fillen d'Leit sech wann se unerkannt a wouergeholl ginn. Si si Matbierger.inne a verdéngen eise Respekt an eis Empathie.
Suerge maache muss een sech allerdéngs ëm d'Festung Europa déi hier Dieren nach eng Spléck méi zou wëll maachen. Et kann e sech mat Recht froe firwat? An och hei zu Lëtzebuerg ass de „Vivre ensemble" net ëmmer evident a reiwungslos.

Ma déi Leit déi sech deen Owend zesumme fonnt haten, wuaren sech eens: Mënschlechkeet ass Viraussetzung fir alles! Merci der ASTI an der Kommissioun vum „vivre ensemble interculturel » fir des wichteg Table ronde.

Eng Fro ass awer am Raum stoe bliwwen, déi hätt wuel hei de Kader gesprengt oder och fläit net: **Wéi ass et mam Droit de Vote fir Net-Lëtzebuerger**?
Ma dofir si mär déi politesch Responsabel an eiser Gemeng jo do.

Hei also meng Fro an deem Zesummenhang:
Mir hate virun de läschte Gemengewalen, sou wéi mer dat ëmmer viru Gemengewale maachen, Sensibiliséierungscampagne organiséiert fir dass d'Matbierger, déi net déi lëtzebuerger Nationalitéit hunn hier politesch Reschter solle wouerhuelen an sech op d'Wielerlëschte sollen aschreiwen. Mir haten hei am Gemengerot eestëmmeg decidéiert, dass bei der Umeldung an eis Gemeng, d'Leit op hiert Recht géingen opmierksam gemaach ginn, an se motivéiert géinge ginn sech op d'Wielerlëschten anzeschreiwen.
1.Ass dat och nach ëmmer esou, ginn d'Leit systematesch ugeschwat an iwwert hir Rechter opgekläert wann se sech hei an der Gemeng umellen?
2.Wéi gesäit dat konkret aus ?
3.Wéi vill Leit mat net-Lëtzebuerger Nationalitéit si bis ewell op de Wielerlëschten ageschriwwen?
4.Wéi ass d'Verhältnis zu den ageschriwwene Persounen zu der Awunnerzuel?
5.Wat ass eng Schlussfolgerung déi een aus deene Chiffre kéint zéien?

Myriam Cecchetti,

Gemengeréitin vun déi Lénk Suessem

**Séance à huis clos**

**Personnel**

17. Nomination provisoire d'un·e fonctionnaire communal·e du groupe de traitement C1, sous-groupe administratif à temps plein pour les besoins du Biergerzenter

**Est nommé(e) : Mme Tina JADIN**

18. Nomination provisoire d'un·e fonctionnaire communal·e du groupe de traitement B1, sous-groupe technique à temps plein pour les besoins du service technique - Projets

**Est nommé(e) : M Robert SOUMER**

| | | |
|---|---|---|
| *Anen Gaston* | *Asselborn-Bintz Simone* | *Bronzetti Denis* |
| *Cecchetti Myriam* | *Da Silva Bruno* | *Dahm Yves* |
| *Faber Serge* | *Gierenz Steve* | *Goelhausen Marco* |
| *Haas Marc* | *Krippler Max* | *Lehnen Maximilien* |
| *Lorang Mike* | *Morgenthaler Nathalie* | *Reuter Sandrine* |
| *Romeo Franca* | *Schammo Mara* | |